N°223
Entrée le 20.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 223 vum 23. Januar 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos**

*Wéi vill diagnostizéiert Fäll sinn der Santé momentan hei zu Lëtzebuerg bekannt? Wéi ass d'Verdeelung an deene verschiddenen Altersklassen?*

Momentan sinn dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet (tëschent Oktober 2023 an Enn Januar 2024), 46 Fäll vu Keuchhusten (och nach Coqueluche oder bloen Houscht genannt) bekannt.

De folgenden Tableau weist d'Verdeelung op déi verschidden Altersklassen vun Oktober 2023 bis Enn Januar 2024 am Detail:

| Alterskategorie* | Unzuel u Fäll |
|---|---|
| 0-4 Joer | 5 |
| 5-9 Joer | 3 |
| 10-19 Joer | 24 |
| 20-44 Joer | 6 |
| 45-54 Joer | 4 |
| 55 Joer a méi | 4 |

** Verschidden Alterskategorien an denen et just ganz wéineg Fäll gouf, si regroupéiert ginn*

*Huet d'Santésdirektioun en Aktiounsplang, wann et zu engem gréisseren Ausbroch z.B. an enger Schoul oder engem Altersheem sollt kommen? Wann net, ass d'Festleeë vu sou engem Plang am Fall vun héichustiechende Krankheeten an engem zukünftege Gesetzesprojet virgesinn?*

D'Inspection Sanitaire ass, laut ofgeännertem Gesetz vun der Gesondheetsdirektioun aus dem Joer 1980, fir d'Gestioun vun Epidemien zoustänneg. Konkret heescht dat, dass iwwert ee sougenannte Contact Tracing, a bestëmmte Situatioune, Kontaktpersoune prophylaktesch Antibiotiquen, respektiv eng Impfung ugebuede kréien, jee no Alter, Impfstatus oder Vulnerabilitéit.

*__Wéi ass momentan zu Lëtzebuerg d'Impfquot a Bezuch op dës Impfung bei Kanner a Jugendlecher?__*

| Alter vum Kand | Impfung | Unzuel vun Impfdosen | Impfquoten 2018 | Impfquoten 2023 |
|---|---|---|---|---|
| 13Méint | Pertussis | 3 | 99% | 99%* |
| 25-30 Méint | Pertussis | 4 | 90% | 93%* |

* Donnéeë *fir d'Joer 2023 si provisoresch a ginn aktuell validéiert*

D'Donnéeën iwwer d'Impfquote vu Kanner géint de bloen Houscht kommen aus der Ëmfro zur Impfungsofdeckung vun de Kanner vu 25 bis 30 Méint. Dës Ëmfro fënnt all 5 bis 6 Joer statt. D'Miessung vun der Impfquot bei Kanner vu 25 bis 30 Méint ass am Zesummenhang mam nationalen Impfprogramm, dee vum CSMI recommandéiert ass, an an deem Impfunge bis 24 Méint virgesi ginn.

- Am Joer 2018 louch d'Impfquot bei Kanner vu 25-30 Méint géint de bloen Houscht am Alter vun 13 Méint bei 99% (3 Dose vum komplette 4-Dosen Impfschema). Lëtzebuerg läit wäit iwwer dem vun der WHO recommandéierten Impftaux, deen 90% entspriécht, an dëser Alterskategorie.

  Am Joer 2023 gouf eng nei Ëmfro gemaach. Déi provisoresch Resultater weisen op eng Impfquot vun 99% am selwechten Alter.

- D'Ofdeckung fält liicht erof ëm den Alter vu 25-30 Méint (komplette 4-Dosen Impfschema) fir 90% am Joer 2018 z'erreechen. D'provisoresch Donnéeë fir 2023 bréngen dësen Taux op 93%. Dës Zuele falen an d' Herdenimmunitéitsfenster fir de bloen Houscht, déi tëscht 90% an 94% läit.

*__Ginn automatesch Rappeller vun der Santé oder vun den Dokteren un d'Leit geschéckt, datt eng Opfrëschung fälleg ass? Falls et keng Rappeller gëtt, gesäit d'Regierung am Kader vun der Digitaliséierung an Zukunft eppes an deem Sënn vir?__*

Am Kader vun der schoulmedezinescher Ënnersichung, déi all 2 Joer stattfënnt, gëtt d'Impfkaart kontrolléiert. Falls e Rappel néideg ass, ginn déi legal Virgesetzt duerch e Bréif informéiert, a kënnen esou d'Opfrëschung vun der Impfung vun hirem Dokter maache loossen.

*Si Sensibiliséierungscampagnë virgesinn, fir op déi uewe genannte Krankheeten an hir Impfunge reegelméisseg opmierksam ze maachen?*

All Joer ass Enn Abrëll déi europäesch Woch vun der Vaccinatioun, eng Initiativ vun der OMS[1], déi och zu Lëtzebuerg stattfënnt. An dem Kader ginn d'Leit sensibiliséiert op d'Impfungen an hir Wichtegkeet fir d' Verbreede vu verschidden Infektiounen ze vermeiden. Reegelméisseg ginn och punktuell Campagnen erstallt mat engem Fokus op gezielte Krankheeten an hir respektiv Impfungen[2] [3].

Lëtzebuerg, den 20.Februar 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet,

(s.) Martine DEPREZ

---

[1] https://www.who.int/europe/fr/campaigns/european-immunization-week
[2] Campagne „Luttez contre les infections respiratoires" am Hierscht 2023
[3] https://sante.public.lu/fr/campagnes/2023/infections-respiratoires-covid-grippe-pneumo-bronchiolite.html